



Sensibilité politique  
Boîte postale 83  
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/07/2019

Här President,

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit, Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung & Wirtschaft weiderzeleeden.**

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n° 780 huet d'Regierung hir Positioun iwwert d'Besteuerung vu Fluchreesen erkläert, ouni sech dobäi op eng konkret Mesure festzeleeën. D'Regierung verweist op d'Siche vun enger europäescher Solutioun.

D'Regierung erkläert weiderhin "datt d'Externalitéiten vun de verschiddenen Transportmëttel solle korrekt berücksichtegt ginn a sech an dem entsprechende Präis erëmispigelen." Domat beäntwert si mir awer net meng Fro, ob si aschätzt, dass potenziell Ëmweltmesüeren an déi dovun ausgoend potenziell Präiserhéijungen d'Mobilitéit vu sozioekonomesch méi schwaachen EU-Bierger net beanträchtege wäerten?

Des Weideren ass d'Regierung och net op d'Opportunitéit vun enger Impaktetüd vun enger Kerosinsteier fir de Findel agaan.

Um leschte Punkt vu menger Fro verweist d'Regierung op eng europäesch Steuer fir de Fluchverkéier anzedämmen, mee ëmgeet domadder meng Fro zu de Passagéierzuelen um Findel.

Et bleiwen also nach gewëssen Onkloerheeten, ob d'Regierung fir déi nächst Joren ee konkrete Plang fir de Findel virweise kann.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Aus menger leschter Fro: Wéi steet d'Regierung zu der Ausso, dass potenziell Ëmweltmesüeren an der Fluchindustrie an déi dovun ausgoend potenziell Präiserhéijungen d'Mobilitéit vu sozioekonomesch méi schwaachen EU-Bierger verschlechtere wäert? Anescht formuliert: ass d'Regierung bereet Ëmweltmoossnamen, och an der EU, ze ënnerstëtzen, wëssend, dass eng Steigerung vun de Fluchpräisser de Passagéier mat klengem Portmonni benodelegt?
2. Bezitt sech d'Tarifikatioun, déi d'Regierung am éischte Punkt vun hirer Äntwert ernimmt, och op de Cargoberäich?
3. Vu, dass d'Regierung aktuell nach keng eegen Impaktetüd vu verschiddenen Zeenarie fir de Findel erstallt huet, wär et net opportun an nächster Zäit esou Analysen an Opdro ze ginn fir preparéiert un d'Saachen unzegoen?
4. D'Regierung schreift an hirer viregter Äntwert vun engem externe Wuesstum vum Flugverkéier.



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)



Sensibilité politique  
Boîte postale 83  
L-7201 Bereldange

- Ab wéi enger Quantitéit definéiert sech ee Wuesstem als "extrem"?
  - Consideréiert d'Regierung de Wuesstem um Findel als extrem?
5. Wéi wichteg ass de Fluchhafen Findel fir d'lëtzebuergesch Wirtschaft?
- Wéi vill Aarbechtsplazen (direkt an indirekt) si mat den Aktivitéite vum Fluchhafen verbonnen?
  - Wéi vill Steierrecettë generéiert de Staat all Joer duerch d'Aktivitéiten vum Fluchhafen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc  
Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)